

# d'Peffermillen

Ons Chamber war sech eens, ganz diskret, hanner zouen Diren. Well en neit Chambersgebai geet schliesslech nët jidfereen eppes un, besonnesch nët an enger Krisenzäit. A well déi éirewärt Hären sech esou schéin eens waren, konnt jo och eis Parteipress nët anescht. Wou soll een och nët. Mir verstoppen dat neit Gebai nët an der Waassergaass, dat wär ze diskret, ze kleng, ze bëlleg. Neen, mir sëtzen et op eng schéin grouss Parkplaz, an d'Plaz vun engem ellenen renovéierte Verwaltungsbau. Sou daier gët dat jo nët. Zumool wou eis Deputéiert esou fair woren, trotzdem jo keen et hanert den zouen Diren gesin hätt, fir d'Erhéigung vun hiren Diäten an d'Creatioun vun enger extra honorabler Pensiounskees dës Käier nach ënnerwee ze loossen. D'Regierung huet bei dëser Geleënheet alt nees en Tromp verspillt. Si hätt sellen d'Letzebuerger an engem Referendum virun d'Alternativ stellen: Atomreaktor oder neit Chambersgebai. Si hätt hiren Reaktor kritt. Garantéiert! Awer wa mir schon esou ee schéint grousslecht nationalt Gebai kréien, muss et och rentabel profitéiert gin. Dofir mécht de Koschter heimatt feierlech, am Sënn vun der ausgläichender Gerechtegkeet, eng Propose vun nationalem Interessi: Mir féieren de Präsenzzwang an de Chambersëtzen fir d'Deputéierten an, a schafen de Wahlzwang fir d'Bierger oof. Duerfir muss awer während de Sessiounen all Bierger jidd Deputéierten, dee schwänzt, op der Minutt an der Chamber oofliweren. csst

Eigentlech wär de Koschter sech op d'mannst eng Notiz iwert dee rezenten tragikomeschen Intermezzo zur Doudesstroof an der Chamber schëlleg ge-

wiescht. Mä d'Parlament soll am Hierscht - hoffentlech méi seriös - op  
d'Thema zrëckkommen a mir hun fir deen Zäitpunkt en Dossier viirgesin.  
Passons. christ